Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Den 18. August sot de Paul Nathan, Vizepresident vun der Handwierkerkummer op der Antenn vun RTL aus, datt 2024 ronn 4600 Aarbechtsplazen am Bau verschwonne wieren, well d'Entreprisen d'Leit net méi beschäftege konnten. Duerch d'Erfarungen aus dem HORESCA-Beräich wärend der COVID-Krise wësse mir, datt et ka ganz schwiereg ginn, Plazen déi an engem Secteur ofgebaut ginn, spéider nei ze besetzen, wann d'Situatioun sech nees bessert. Am Bausecteur kënnt nach dobäi, datt mir hei ganz staark op auslännesch Mataarbechter ugewise sinn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Logementsminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill Notairesakte si vun 2020 bis 2024 fir de Verkaf vu bestoende Logementer ënnerschriwwe ginn? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?
2) Wéi vill Notairesakte si vun 2020 bis 2024 am VEFA-Beräich ënnerschriwwe ginn? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?
3) Wéi vill Baugeneemegunge sinn 2020 bis 2024 jeeweils vu Privatleit fir den Eegebedarf respektiv fir ze investéieren, a wéi vill vu Betriber gestallt ginn? Wéi vill goufen der all Kéiers accordéiert? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?
4) Wéi vill Leit schaffen aktuell nach insgesamt am Bausecteur, verdeelt op wéi vill Betriber? Kann d'Regierung d'Zuel vun de Faillitten, souwéi den Neigrënnunge vun de Betriber am Bausecteur wärend de Joren 2020 – 2024 presentéieren a jeeweils no Kleng-, Mëttel a Groussbetriber differenzéieren? Verfüügt d'Regierung schonn iwwert entspriechend Zuele fir déi éischt Hallschent 2025?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéierten